

SEEW

2/2020 JOURNAL

Covid-19 -Krise: Kein Wir-Gefühl in der Bildung



OGB-L

Rédaction: Direction syndicale du SEW/OGBL

Les articles signés ne reflètent pas
nécessairement la position du syndicat.

Abonnement: 25 € par an

No 2/2020 - 111^e année -
Paraît jusqu'à 4 fois par an

Toute correspondance est à adresser au
SEW/OGBL
1, rue Jean-Pierre Sauvage
L-2514 Luxembourg

Tél. 54 05 45-323
Fax 54 05 45-569
courriel: sew@ogbl.lu

www.sew.lu

Editrice responsable: Danièle Nieves

Imprimeur: IP Luxembourg

Publication du Syndicat Education et Sciences
dans l'OGBL
Syndikat Erziehung a Wëssenschaft am OGBL

Anciennement Journal des instituteurs

1, rue Jean-Pierre Sauvage
L-2514 Luxembourg



PRINTED IN
LUXEMBOURG



index

Éditorial	03
Elections de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics	04
Enseignement fondamental	05
Enseignement fondamental & secondaire	26
Enseignement secondaire	34
Enseignement supérieur et recherche	52
APPCA	45
Écoles privées	59
FGIL	60
Divers	61

Covid-19 -Krise: Kein Wir-Gefühl in der Bildung



Patrick Arendt
Präsident des SEW/OGBL

Zum jetzigen Zeitpunkt ist es zu früh, eine Bilanz des Krisenmanagements im Bildungswesen zu ziehen. Obwohl alle Zeichen auf eine Rückkehr zur Normalität stehen, müssen wir uns bewusst sein, dass wir uns im Bezug auf die Konsequenzen, nicht am Ende, sondern mittendrin, wenn nicht gar erst am Anfang der Krise befinden. Die Rückkehr zur „normalen“ Schulorganisation wird die Krise nicht auf einen Schlag beenden. Die pädagogischen und emotionalen Auswirkungen auf die Schüler werden über viele Monate spürbar bleiben.

Das Bildungsministerium ist demnach in der Pflicht pädagogische Maßnahmen auf allen schulischen Ebenen auszuarbeiten, damit die Schüler, und insbesondere jene aus unterprivilegierten sozialen Schichten, nicht langfristig die Leidtragenden der Pandemie bleiben werden. Es darf keine verlorene „Generation Corona“ geben.

Jede Krise wirkt als Verstärker: Positive wie negative Eigenschaften der Individuen und des Systems potenzieren sich und treten deutlich sichtbarer zu Tage.

In der Grundschule wurde innerhalb kürzester Zeit nach Bekanntgabe der Schließung der Schulen der „Heimunterricht unter Anleitung“ ausschließlich von den LehrerInnen organisiert.

Die regionalen Direktionen waren kaum bis gar nicht hilfreich. Erst nach Tagen meldeten sich die Direktionen zurück, wobei die Reaktionen durchaus nicht einheitlich waren. Während einige Direktionen ihr Möglichstes versuchten die LehrerInnen bei der neuen Herausforderung zu unterstützen, beschränkten sich andere darauf überflüssige administrative Anordnungen zu verfügen.

Es zeigte sich offenkundig, dass sowohl Ministerium wie auch die vielen neuen Gremien, die in den letzten Jahren mit viel Personal ausgestattet wurden, sich in der Regel auf das Management auf Distanz beschränken und sich bei neuen pädagogischen Herausforderungen nicht zuständig fühlen.

Das Fehlen jeglichen Dialoges zwischen den Schulpartnern wurde in der Krise deutlich sichtbar. Bei einer Blitzumfrage des SEW/OGBL wurde deutlich, dass die weit überwiegende Mehrheit der LehrerInnen der Grundschule die inkohärenten Maßnahmen des Ministers nicht befürworteten.

Nur dem ununterbrochenen Einsatz der PräsidentInnen der Lehrerkomitees und der KlassenlehrerInnen ist es zu verdanken, dass die Wiedereröffnung der Schulen nicht im Chaos endete. Leider mussten dabei viele an oder über die Grenzen ihrer Belastbarkeit gehen, um Maßnahmen in die Tat umzusetzen, die nicht als sinnvoll empfunden oder gar abgelehnt wurden.

Eine Abstimmung des Ministeriums mit den Lehrerinnen und den Verantwortlichen der Gemeinden und der Maison Relais hätte viele widersprüchliche Maßnahmen verhindern und mit einem geringerem Aufwand eine den Bedürfnissen der Kinder gerecht werdende Organisation als Resultat haben können. Nicht wenige LehrerInnen waren überrascht, als der Minister nach Wochen der „Ich-Botschaften“ plötzlich von „Wir“ redete. Ein Wir-Gefühl besteht in der Bildung definitiv nicht mehr, zu offensichtlich hat der Minister in den letzten Jahren einen Keil zwischen LehrerInnen und Ministerium getrieben.

Die Krise hat gleichwohl auch die Grenzen

der digitalen Medien aufgezeigt. Obschon nach wenigen Tagen der Minister medienwirksam großen Erfolg verkündete, braucht es eine neutrale und kritische Analyse. Dabei geht es nicht nur darum, dass fast alle LehrerInnen auf ihre private Geräte angewiesen werden und dass die Verfügbarkeit der digitalen Medien in den Familien sehr ungleich verteilt ist, sondern eher um fehlende Konzepte des Einsatzes der digitalen Medien. Computer und Internet sind keine Wundermittel. Es reicht schlichtweg nicht aus, mittels der in Luxemburg sicher vorhandenen Geldmittel die Schulen mit der nötigen Hardware auszustatten und darauf zu hoffen, dass sich nun schnelle Lernerfolge fast wie von selbst einstellen werden.

Eine kritische Analyse der Auswirkungen der digitalen Medien auf das Lebensumfeld und das Lernen insgesamt ist dringend nötig.

In diesem Zusammenhang hatte das SEW/OGBL Konferenzen organisiert, die leider der Krise zum Opfer gefallen sind und sicher in den kommenden Monaten stattfinden werden.

Die aktuelle Krise war für alle eine ganz neuartige Herausforderung. Viele Entscheidungen mussten schnell und ohne das nötige Hintergrundwissen gefällt werden und nachher sind wir alle sowieso viel schlauer.

Trotzdem, oder gerade deswegen muss diese Krisenzeit einer kritischen Bilanz unterzogen werden. Das Bildungsministerium täte gut daran, die Akteure vor Ort in diese Gespräche einzubeziehen, um die Sicht aus dem digitalen Elfenbeinturm mit der schulischen Realität zu vergleichen.

OGBL news

Résultat de l'OGBL

Élections de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics

Ergebnis des OGBL - Wahlen zur Kammer der Staatsbeamten und -angestellten
Result of the OGBL - Elections of the Chamber of Public Servants and Employees

Le SEW/OGBL obtient le meilleur résultat de son histoire avec +33% et un élu effectif dans la catégorie D -enseignants de l'école fondamentale.

La liste OGBL/Landesverband défend par ailleurs son siège dans la catégorie E - fonctionnaires et employés des communes.

Das SEW/OGBL erzielt mit + 33% und einem gewählten Vertreter in der Kategorie D - Lehrer der Grundschule - das beste Ergebnis seiner Geschichte.

Die OGBL /Landesverband-Liste verteidigt auch ihren Sitz in der Kategorie E - Gemeindebeamte und -angestellte.

The SEW/OGBL achieves the best result in its history with + 33% and an elected representative in the category D - teachers of basic school.

The OGBL /Landesverband-list also defends its seat in category E - civil servants and employees of the communes.

Catégorie D



Patrick ARENDT
Membre effectif
Vollmitglied
Full member



Nora WATGEN
Suppléante
Ersatzmitglied
Substitute



Alain BONIFAS
Membre effectif
Vollmitglied
Full member



Charles STOFFEL
Suppléant
Ersatzmitglied
Substitute

Catégorie E

Och am Confinement war SEW/OGBL ganz aktiv fir d'Schoulen, d'Schüler an d'Schoulpersonal !

Wéi den 13te Mäerz d'Zoumaache vun de Schoule ganz plötzlech ugekënnegt ginn ass, do konnte Schüler an Elteren op d'Professionalitéit an d'Reaktivitéit vun den Enseignanten zielen, déi a kierzester Zäit Iwwerbréckungsprogrammer erstallt an duerno séier, a mat ganz vill Engagement, sech dem Enseignement à distance gewidmet hunn.

D'Kommunikatioun vum Educationministère mat den Enseignanten, awer och mat den Direktiounen an de Gemengen, huet gläichzäiteg leider ee weideren Déifpunkt erreecht: Pressekonferenzen a Berichterstattung an de Medie si quasi zu deenen eenzege Matdeelungen un d'Schoulpersonal ginn.

Précipitatioun, Mangel u kloer Messagen, Feelinformatiounen, Inkoherenzen an zum Deel och blannen Aktionismus hunn de Schoule vill ofverlaangt, an esou munch Enseignant no un d'Grenze vu senger Belaaschtbarkeet an un d'Verzweiwung bruecht. Ëmmer rëm huet d'Schoulpersonal sech, an engem enormen Effort an ënnert grousem Zäitdrock, un nei Richtlinnen a Virgaben adaptéiert.

Déi verschidde Branche vum SEW/OGBL sinn an dëser Zäit zuhäufl beim Ministère intervenéiert an hunn allerlee aner Kanäl benotzt fir op déi vill Mëssstänn hinzeweisen. Duerch dës onermiddlech Aktiounen, Reaktiounen, awer och Antizipatiounen, konnten eng ganz Rei Saache beaflosst an zum Deel ofgewiert ginn.

Heirënner e klengen Iwwerbléck vun de sëllegen Interventiounen...

29. Mäerz

Videomessage (SEW-FNCTTFEL)

„D'Schoule sinn zou. Wéi soll et elo weider goen? Wat sinn d'Prioritéiten?“

02. Abrëll

Communiqué commun (SEW-FNCTTFEL & SNE)

„La crise du Covid-19: Les écoles luxembourgeoises face à un défi commun!“

16. Abrëll

Communiqué commun (APESS, FÉDUSE, SEW & SNE)

„Retour an d'Schoul, nëmmen ënnert der Konditioun dass d'Gesondheet vu jidderengem, Schüler a Léierpersonal, garantéiert ass!“

20. Abrëll

Newsletter (SEW-FNCTTFEL)

„Info un d'Enseignanten aus dem Fondamental iwwert déi oppe Froen no der Pressekonferenz vum Minister.“

24. Abrëll

Avis (SEW & UNEL)

„Avis relatif aux mesures prises en réponse à la crise du COVID-19 en relation avec l'Education nationale.“

28. Abrëll

Communiqué commun (ACEN, AGESS, APESS, CNEL, FEDUSE, SEW & UNEL)

„Gemeinsame Pressemitteilung zur Anwesenheitspflicht der Abschlussklassen und weitere Fragen zur Wiederaufnahme der Schule“

04. Mee

Communiqué commun (SEW-FNCTTFEL, OGBL -Syndikat Gesondheet a Sozialwesen, Landesverband-OGBL Syndikat Öffentliche Dienste & APCCA)

„Analyse vun de Mesurë fir d'Reprise a kloer Fuerderungen!“

04. Mee

Communiqué commun (UNEL & SEW)

„Anwesenheitspflicht auf Abschlussklassen: Kompromisslosigkeit des Bildungsministers zwingt die Gewerkschaften zu härteren Maßnahmen.“

05. Mee

Communiqué (APCCA & SEW/OGBL)

„Quelles mesures de déconfinement pour les enfants à besoins spécifiques?“

08. Mee

Ëmfro (SEW-FNCTTFEL)

„Mir invitéieren d'Enseignanten aus dem Fondamental eise kuerze Questionnaire iwwert d'Organisatioun vun der Reprise am Fondamental ze beäntwerten.“

11. Mee

Communiqué (SEW-FNCTTFEL)

„Corona m'a tuer* : L'enseignement victime du virus“

11. Mee

Communicatioun (SEW-FNCTTFEL)

„Fuerderung: kee Splitting vun de Klasse fir kënnen sënnvoll pedagogesch Aarbecht ze leeschten. Och wann dann dee ganzen Opwand ëmsoss war!“

12. Mee

Communiqué (SEW-FNCTTFEL)

„Schluss mat dem Organisatiounschaos am Fondamental: Här Meisch, loosst eis Kanner richteg an d'Schoul goen.“

13. Mee

Oppene Bréif (SEW-FNCTTFEL) un Frau Paulette Lenert, Gesundheitsministerin

„Rückkehr in die Schule: Keine Normalität für Kinder!“

15. Mee

Oppene Bréif (APCCA) un den Här Claude Meisch, Schoulminister

„Här Minister, wéi vill sinn lech d'Schüler aus de Kompetenzzentre wierklech wäert?“

15. Mee

Communiqué (SEW-FNCTTFEL)

„Organisatiounschaos a Planungsdefiziter ginn um Réck vum Personal ausgedroen: Kengem Kand gött domadder gehollef!“

18. Mee

Oppene Bréif (SEW-FNCTTFEL) un de Premier Minister Xavier Bettel an un d'Regierung

„D'Reprise vun de Grondschoolen de 25. Mee“

20. Mee

Gemeinsame Message (APCCA & SPEBS)

Bilan vun der gemeinsamer Entrevue mam Minister: „Mir sinn eis eens, datt mir eis net eens sinn.“

29. Mee

Communiqué (SEW-FNCTTFEL)

„En Accueil Moies virun der Schoul fir all d'Kanner am Besoin an e Retour zu de ganze Klassen no der Päschtvakanz“





Kommunikation vom 13. März 2020 des SEW/OGBL:

Lasset Corona zu uns kommen...

In der aktuellen Corona-Krise scheinen die öffentlichen Grundschulen auf einmal dem Gesundheitsministerium zu unterstehen, verweist das Bildungsministerium zur Zeit jede Anfrage nach konkreten Informationen oder Prozeduren an die Gesundheitsexperten. Doch auch von dieser Seite erhalten die Grundschulen keinerlei Aufklärung zum Umgang mit dem Coronavirus. Währendem an Schulen zweimal jährlich eine Brandschutzübung stattfinden muss, gibt es für Corona offensichtlich keinerlei Plan, lediglich einzelne Direktoren scheinen Verständnis für den Wunsch nach konkreten Mitteilungen zu haben und beweisen Eigeninitiative (oder verlangt dies gar Zivilcourage?): sie halten ihr Personal auf eigene Faust nach ihren Möglichkeiten auf dem Laufenden. Von offizieller Seite heißt es bloß, dass bei einer Ansteckung das Gesundheitsamt von Fall zu Fall entscheiden würde, welche Maßnahmen in welchem Ausmaß getroffen werden müssen, als wäre es unnütz, den Schulen zu ermöglichen, sich präventiv auf Schulschließungen vorzubereiten. Den Lehrern ist zurzeit selbst unklar, wie und durch welche Kanäle sie über eine Schulschließung aus Gründen des Infektionsschutzes in Kenntnis gesetzt werden.

Um Unruhe zu vermeiden, wird die Beschulung schutzbedürftiger, weil vorerkrankter Schüler einzig und allein der Verantwortung und den Möglichkeiten der Eltern überlassen. De facto wurde die Schulpflicht offensichtlich schon vom Coronavirus außer Kraft gesetzt. Auch entzieht sich das Bildungsministerium seiner Verantwortung gegenüber seinem Personal, gibt es doch auch hier schutzbedürftige Personen, welche weder über zusätzliche Schutzmaßnahmen informiert werden, noch vom Dienst freigestellt werden.

Zwischenzeitlich nutzt das Bildungsministerium die Gunst der Stunde, um Druck auf die Klassenlehrer auszuüben, damit sie die E-Mail-Adressen der Eltern einsammeln und in der Schülerdatenbank aktualisieren. Auf Nachfrage heißt es von offizieller Seite, dass die Eltern im Notfall über diese Adressen angeschrieben würden, und doch werden die Eltern selbst nicht darüber informiert, dass und zu welchem Zweck ihre Adressen genutzt werden sollen. Die Frage nach der Transparenz und der juristischen Basis dieser aktionistischen Maßnahme steht im Raum.

Offengelegte Kommunikationswege sowie die direkte Information der Schlüsselpersonen in den Einzelschulen gehören zu einem adäquaten nationalen Notfallplan und sorgen für Panikvermeidung im Vorfeld. Das SEW/OGBL fordert vom Bildungsministerium klare Anweisungen für den Ernstfall und vorbeugende Schutzmaßnahmen für identifizierte schutzbedürftige Schüler und Lehrkräfte.



Message commun du SNE/CGFP et du SEW/OGBL à la communauté scolaire de l'Enseignement fondamental

La crise du Covid-19: Les écoles luxembourgeoises face à un défi commun !

La crise du coronavirus nous a tous pris au dépourvu et a profondément changé la vie des enfants, des parents et des enseignants.

Du jour au lendemain, cette crise sanitaire signifiait que les enseignants ne pouvaient plus enseigner devant leurs élèves. Dans un délai ultra-court, les enseignants et les élèves ont dû se rabattre sur de nouvelles méthodes de communication, d'enseignement et d'apprentissage. Une grande partie de la responsabilité et de l'encadrement du suivi scolaire a dû être déléguée aux parents. Ce sont surtout les enfants qui ont perdu leurs repères habituels et qui ont dû s'adapter à la nouvelle situation dans les plus brefs délais.

Ce n'est qu'ensemble et en étroite coopération entre toutes les parties concernées, que nous pourrons relever ce défi.

Parallèlement, nous sommes tous confrontés à l'isolement social et beaucoup d'entre nous sont en proie à des soucis sanitaires, financiers et même existentiels. Le cumul entre travail/ télétravail, garde des enfants – ET scolarisation de ces derniers - entraîne une charge supplémentaire pour de nombreuses familles.

Pour le SEW/OGBL et le SNE/CGFP, il y a une évidence: l'enseignement à distance ne peut nullement remplacer l'enseignement traditionnel à l'école. L'enseignement relève d'une interaction sociale entre enseignant et élèves, et cela dans un cadre scolaire. L'enseignement à domicile, intégré dans le quotidien familial, est difficilement réalisable, voire impossible, sans le bagage pédagogique suffisant et sans les effets nécessaires d'une dynamique de groupe. Ensemble, nous devons veiller à ce que cette crise n'amplifie pas d'éventuelles inégalités – indépendamment du milieu linguistique, familial, technique ou professionnel.

Étant donné que les écoles resteront fermées après les vacances de Pâques, il devient éventuellement nécessaire d'enseigner de nouveaux contenus aux élèves. Aller au-delà de simples exercices de répétition pourrait devenir un défi supplémentaire pour les élèves, les parents et les enseignants. Une stratégie nationale, élaborée en concertation avec les enseignants, pourrait aider ces derniers dans cette tâche. Quoi qu'il en soit, il faudra éviter de solliciter outre mesure les familles.

L'enseignement à domicile actuel est - et doit rester - un pis-aller. Pour le SNE/CGFP et le SEW/OGBL il est clair que, dans le contexte actuel, un certain nombre d'élèves ne pourront pas acquérir les mêmes compétences qu'en temps normal. Toutefois, les enseignants vous assurent, qu'après la crise, ils mettront tout en œuvre pour agir de manière différenciée afin de répondre au mieux aux besoins de chaque élève. En collaboration avec le Ministère de l'Éducation nationale, nous chercherons et trouverons des solutions pour compenser d'éventuels retards d'apprentissage.

Afin que les enseignants puissent se concentrer sur les contenus scolaires et soutenir les parents autant que possible dans l'apprentissage à domicile, il convient de créer des offres auxquelles les parents et les enfants pourront recourir en cas de soucis non-scolaires.

A l'heure actuelle de nombreuses familles nécessitent de l'aide et du soutien dans différents domaines, notamment dans le domaine psychologique. L'apprentissage scolaire n'est possible que si l'équilibre psychologique des enfants est garanti.

La suspension des cours n'est pas synonyme de vacances. Outre l'apprentissage pur et simple, nous devons garder à l'esprit toutes les autres composantes du confinement actuel des familles.

En ce sens, cette période n'équivaudrait pas à du temps perdu! Le SEW/OGBL et le SNE/CGFP lancent un appel aux parents et aux politiciens: Faites confiance aux enseignants qui, au lendemain de cette crise, seront maître de la situation et répondront au mieux aux besoins de chaque élève.

Communiqué par le SEW/OGBL et le SNE/CGFP, le 2 avril 2020.



REPRISE VUM FONDAMENTAL DE 25. MEE

MIR VERLAANGE SËNNVOLL MESUREN, DÉI AN DER PRAXIS ËMSETZBAR SINN !

Den Educatiounsminister huet déi gross Linne vu senger Strategie fir d'Reprise vum Fundamental ugekënnegt, déi provisoersch op de 25. Mee festgeluecht gouf.

Déi concernéiert Syndikater verlaangen, dass Enseignanten a Gewerkschaften endlech e verbindlecht offiziellt Dokument mat de Propositionen an den Detailer zu dëser Reprise virgeluecht kréien. **All Acteure** vun der Educatioun mussen an d'Diskussioun iwwert d'Ëmsetzung agebonne ginn.

D'Evolutioun vun der Zuel vun den Infektiounen léisst sech net viraussoen. Experte realiséiere Prognosen a verschidde Risikoaschätzungen, mee och d'Realitéit an de Schoulen an an de Maison-Relais muss respektéiert gi wann d'Mesurë fir de Fundamental festgeluecht ginn.

Et ass ze erwaarden, dass sech d'Situatioun bis September net ganz opléise wäert a mir léiere mussen, weider mam Virus ze liewen.

D'Betreiung vun de Kanner ass de Schlëssel fir eng ekonomesch Reprise. Mee d'Schoul ass awer keng reng Betreibungsstruktur an där net nëmmen aus ekonomesche Grënn opgemaach ginn: Enseignement, e Recht op Bildung, ass immens wichteg, an dofir muss d'Organisatioun vun der Reprise de Konditiounen fir effikas Schoulhale Rechnung droen.

Fir d'Enseignante ass et immens wichteg, dass wann et déi sanitär Situatioun erlaabt d'Schoulen erëm esou séier opgi wéi et vertrietbar ass. Kanner brauche sozial Kontakter, vill vun hinnen hunn ënnert dem Confinement gelidden an déi laang Phase vun Isolatioun ka laangfristeg gravéierend Konsequenzen op hir Gesondheet hunn. Och aus pedagogescher Siicht ass et noutwendeg, dass de Grupp Klass sech méiglechst nach virun der Sommervakanz erëm trëfft. Den „Enseignement à distance“ verstärkt d'sozial a schoulesch Ongerechtegkeet, an duerfir brauche vill Kanner hiren Enseignant.

Eng reell Evaluatioun vun de Konsequenzen vun #schouldoheem op all eenzele Schüler muss gemaach ginn a gläichzäiteg mussen Mesuren geholl gi fir ze verhënneren, dass Kanner an eng Situatioun vun Décrochage scolaire kommen.

Den Educatiounsminister huet nach guer keng Positioun geholl iwwert Mesuren déi am Kader vum Deconfinement mussen geholl gi fir déi Kanner, déi an de **Kompetenzzentre** scolariséiert ginn. Alt erëm eng Kéier gesäit et aus, wéi wann déi Kanner géife vergiess ginn.

D'APCCA wäert sech an engem separate Communiqué iwwert déi noutwendeg sanitär Mesuren an hiren Zentren zu Wuert mellen.

Den Ängschte vun den Elteren, de Kanner den Enseignantë an dem Personal aus de Maisons-Relais muss Rechnung gedroe ginn. E „Risiko null“ gëtt et net. Jee no Evolutioun vun der Situatioun muss d'Politik prett sinn, d'Schoulen zouzeloossen oder no enger Zäit erëm zou ze maachen- an dat muss am Virfeld kloer kommunizéiert ginn.

No éischten Diskussiounen mat de Gewerkschaften, dem Syvicol an de Responsable vum de Maison-Relais bleiwen nach eng ganz Rei wichteg Froen net gekläert.

De Plang vum Minister stellt d'Gemengen, d'Schoulen an d'Maison-Relais virun en immens groussen organisatoreschen Defi fir finalement nach eng relativ kuerz Schoulperiod, woubäi déi pedagogesch Objektivier offensichtlech net virrangeg sinn.

Déi definéiert sanitär Strategie baséiert op 4 grouss Piliere:

- Kleng Gruppen, déi an der Schoul an an der Maison-Relais isoléiert bleiwen
- Masken-, Buff-Flicht ausserhalb vum Kllassesall
- Physesch Distanz vun 2 m anhalen
- Reegelméisseg fräiwëllegen Testing

An enger éischer Analyse si sech all d'Acteure vun der Educatioun eens, dass dës Mesuren, wéi se presentéiert goufen, an der Realitéit weder an de Schoulen nach an de Maisons-Relais kënnen ëmgesat an zu 100 Prozent agehale ginn.

Kleng Gruppen: Kanner treffen sech virun, no der Schoul, um Schoulwee, um Busarrêt, an der Paus, Kanner aus verschiddene Gruppe wäerten an de Foyeren oder bei der Nounou zu engem neie Grupp ginn, respektiv doheem op hir Geschwëster treffen, déi an anere Gruppe sinn. Och an der Maison-Relais wou deelweis Kanner aus verschiddene Schoulen zesummekommen, bleiwe méi Froen wéi Äntwerte wann et ëm déi praktesch Ëmsetzung vun dëser Opspléckung vun de Gruppe geet.

Déi Vermëschung, déi mat immensem Opwand an der Schoul evitéiert soll ginn, ass an der Realitéit guer net ze evitéieren.

Masken/Buff: Iwwert d'Effikassitéit vum Buff mussen d'Experte statuieren, an der Realitéit wäerten d'Kanner bei de summerlechen Temperaturen sech domadder schwéier dinn, an sech deemno méiglecherweis och ouni Mask begéinen. An der Klass wou de Mondschtz fakultativ soll sinn, sinn déi 2 Meter Distanz net anzehalen. Kleng Kanner wibbelen a bleiwe sécher net stonnelaang op hirem Stull sëtzen.

Physesch Distanz: Déi ass am schouleschen Alldag (sou wéi och an der Maison-Relais) net anzehalen, ausser d'Schoul gëtt zu engem carceral System - an dëst wier natierlech ondenkbar.

Am Bus mussen d'Sëtzer all besat ginn, et wier och vun der Kapazitéit net méiglech d'Zuel vun de Busser fir de Schoultransport ze verduebelen.

Tester: Effikassitéit a Frequenz vun den Tester mussen vun Experten evaluéiert ginn, de Prinzip vun der Fräiwëlleg muss hei awer bestoe bleiwen.

Mir weisen drop hin, dass dës Mesuren d'Gefill vun Angscht bei Kanner verstärken oder awer och eréischt provozéieren kënnen.

Et ass net akzeptabel, dass de Minister d'Responsabilitéit fir Mesuren - déi sech an der Praxis nëmmen zu klengem Deel ëmsetze loossen - op Gemengen, Enseignant an Personal aus de Maison-Relais delegéiert.

Eng net Fakte baséiert Kommunikatioun vu Säite vum Ministère verstärkt d'Ängschte vun Elteren a kann zu Konflikter tëschent Elteren an den Enseignanten an dem Personal aus de Maisons-Relais féieren: Eng éierlech Kommunikatioun mat Bléck op d'Realitéit ass vu politescher Säit hir erfuerderlech. Dobäi muss agestane ginn, dass eng absolut Sécherheet eng Illusioun ass a net ka garantéiert ginn: An dësem Kontext muss kloergestallt ginn, dass eng méiglech Erkrankung vun engem Schüler net dem responsabele Personal ka virgeworf ginn. Gläichzäiteg muss - sollte mir nach laang mat där Situatioun liewe mussen - eng Strategie à long terme ausgeschafft ginn.

D'Opsplécke vun de Klassen a kleng Gruppen ass net effikass, well et ass net méiglech d'Gruppen ze isoléieren. Pedagogesch gesinn ass dëst och keng gutt Léisung: Et ass fir den Enseignant schwierig de Point ze maachen, wou seng Klass steet an sech optimal ze preparéieren. Eng Evaluatioun vun de Léierprozesser déi doheem während dem Confinement gemaach goufen, ass noutwendeg, fir duerno eng pedagogesch Basis fir d'nächst Schouljoer kënnen ze leeën an esou am September ënnert gudden a gerechte Konditiounen unzufänken: dat brauch Zäit a knapp 3 Woche Schoul pro Grupp riskéiert den Ufuerderungen net gerecht ze ginn.

Den Apprentissage gëtt schwierig bis onméiglech an d'Isolatioun vun engem Deel vun hire Frënn wäert Gefill vun Ängscht bei Kanner verstärken.

Masken a physisch Distanz sinn am C1 oder och an de Centres de Compétences onméiglech, Kanner brauchen a siche Kierperkontakt: ënner sech a mat hiren Enseignanten. Grundsätzlech muss d'Schoul de Kanner Stabilitéit ubidden, fir dass Sozial- a Léierprozesser ouni zousätzleche Stress stattfanne kënnen.

Och an de Maisons-Relais, déi dacks nom Prinzip vum «Open Space» fonctionéieren a wou d'Kanner sech an engem non-formale Kader befannen, bleift ofzekläre wéi déi physisch Distanz kéint garantéiert ginn. Doriwwer eraus feelt et u Moyenen an u sozio-pedagogeschem Fachpersonal fir den Encadrement vu kleng Gruppen esou ze assuréieren, dass all d'Sécherheitsmesuren agehale ginn an d'Kanner déi geléiert Schoulmatière propper widderhuele kënnen.

Mir fuerderen duerfir:

Reegelen anhalen: Reegele baséierend op dem „bon-sens“ mussen an Zesummenaarbecht mat allen Acteuren a Concernéierten opgestallt an agehale ginn. Bestoend Dispositiounen a Reglementer dierfen elo net esou verännert an adaptéiert ginn, bis soit-disant Konditiounen geschafe goufen, déi da per force e schouleschen oder périscolairen Encadrement erméigleche sollen. D'Sécherheet vun de Kanner steet nach ëmmer am Virdergrond.

Keng Schouflicht fir C1: Am Cycle 1 (Précoce a Spillschoul) kënnen d'Gestes barrière an déi strikt physisch Distanz (awer) net garantéiert ginn. D'Léierprozesser nëmme duerch sozial Interaktioun méiglech, Kierperkontakt ënnert de Kanner an och mam Enseignant kënnen an dierfen net evitéiert ginn. Eltere vu Kanner aus dem Cycle 1 mussen duerfir weider e Usproch op de Congé pour Raisons Familiales hunn.

D'Schoule garantéieren awer eng Prise en Charge, just an dem Fall wou d'Elteren net kënnen vun hirer Aarbecht fräigestallt ginn.

Dës Mesure huet den Avantage, dass d'Personal vun de Services d'éducation et d'accueil pour enfants (SEA) géif entlaascht ginn an den Encadrement vun de méi ale Kanner kéint optiméieren.

Systemateschen Depistage: Mat Hëllef vun engem Infrarout-Thermometer kann all Moie bei der ganzer Schülerpopulatioun séier, effikass an net-invasiv Féiwer gemooss ginn. Krank Enseignanten oder Kanner ginn heem, sou wéi dat och am normale Schoulalldag de Fall ass. Dës einfach Mesure gëtt aktuell och an aneren Institutioone genotzt, fir d'Sécherheet ze erhéijen.

Psychologesch Betreuung: Prioritéit muss an enger éischer Phase op der psychologescher Betreuung vun de Kanner leien, hir Ängschten a Gefiller solle Virrang hunn. Dofir eleng muss d'Schoul esou organiséiert ginn, dass dës Ängschten net verstärkt ginn, mee et erëm zu enger Normalitéit fir d'Kanner komme kann.

Kee Splitting vun de Klassen: Vu dass an der Realitéit d'Mesure vun Isolatioun vun de Gruppen, d'Maskepflicht a d'physischer Distanz net anzehele sinn, proposéiere mir fir op de Splitting vun de Klassen ze verzichten.

Dat ass net nëmme pedagogesch méi sënnvoll, mee Sondagen tëschent Responsabele vun de Gemengen, de Schoulen an de Maisons-Relais hu gewisen, datt et an der Praxis einfach net sënnvoll ze realiséieren ass. Et sinn net genuch Leit, weder an de Schoulen nach an de Maisons-Relais, disponibel fir e responsabelen Encadrement vun de Kanner ze garantéieren.

Dëst géif doriwwer eraus den enorme logisteschen Opwand an den non-formale Bildungs- a Betreuungsstrukturen entlaaschten an dësen d'Méiglechkeet ginn de Fokus op e pedagogesch wäertvollen Encadrement am Kader vun den neie Sécherheetsmesuren ze leeën.

D'Situatioun muss natierlech permanent evaluéiert ginn an d'Politik muss bereet sinn, fir d'Mesure zu all Moment ze adaptéieren. Dëst muss am Virfeld kloer kommunizéiert ginn. Combinéiert mam Schafe vun neien Horairen, enger verlängerter Präsenz vun der Kanner an der Schoul iwwer d'Mëttesstonn eraus, verhënnert de Splitting e Retour zu enger schoulescher Stabilitéit.

E Verzicht op de Prinzip vum Splitting géing et de Maisons-Relais ënner Ëmstänn erméigleche moies en Accueil organiséiere fir déi Kanner, déi soss riskéiere laang ouni Betreuung virun de Schoule waarden ze mussen.

Et géing och verhënnern, dass d'Kanner mussen a Reim betreit ginn, déi net den aktuelle Sécherheetsnormen entsprechen.

Video-Streaming: Filmen a streamen aus der Klass fir déi Kanner, déi vulnerabel sinn oder vulnerabel Persounen am Ëmfeld hunn an net kënnen an d'Schoul kommen, ass immens problematesch. Schonn elo si Beispiller bekannt, wou a Videokonferenze Sequenze vu Kanner enregistréiert a propagéiert goufen. D'Unterrechtssituatiounen sinn net virauszegesinn an zu 100 Prozent ze kontrolléieren, a sou kann et zu Situatiounen kommen, déi zu Verhalen a Reaktiounen féieren, déi d'Dignitéit vun eenzele Kanner schwéier verletze kënnen. Respekt, Schutz vun Intimsphären an Dateschutz muss priméieren.

Och den Enseignant muss d'Recht behalen, dass keng Biller vun him verëffentlecht ginn, wann hien dat net wëllt. Den SEW/OGBL ass géint e Streamen vum Unterrecht, souguer wann d'Reaktiounen vun de Schüler nëmme akustesches gesent ginn.

Eis schéngt et vill méi sënnvoll, dass déi Enseignante, déi net an d'Schoul kommen dierfen, sech weider ëm den Homeschooling vun de vulnerabele Schüler këmmern an den Austausch vum Titulaire mat de Kanner doheem sech op gezielte Kommunikatiounen baséiert.

D'Mesure mussen sech orientéieren no der Sécherheet vu alle Betraffenen, sech op enger Faisabilitéit an der Praxis baséieren a pedagogesch sënnvoll sinn

D'Decisioun iwwert d'Konditiounen bei der Reprise dierf net ouni eng reell Concertatioun mat den Acteuren vum Terrain geholl ginn.

Kommunizéiert vum Syndikat Erziéung a Wëssenschaft am OGBL, Syndikat Gesondheet a Sozialwesen am OGBL, d'Chargés de Cours - FNCTTFEL/Landesverband, d'Association du Personnel des Centres de Compétences et de l'Agence: éducatif et psycho-social, Landesverband-OGBL Syndikat Öffentliche Dienste de 4. Mee 2020



COMMUNIQUÉ DE PRESSE

SCHLUSS MAT DEM ORGANISATIONSCHAOS AM FONDAMENTAL

HÄR MEISCH, LOOSST EIS KANNER RICHTEG AN D'SCHOUL GOEN!

Wéi ugekënnegt gouf, dass de Fondamental de 25. Mee géif erëm op goen, huet et geheescht, dass aus hygienesche Grënn d'Klassen all an 2 gläich grouss Gruppen no pedagogesche Krittären opgespléckt géifen. Déi Gruppe sollten ausserhalb a während der Schoulzäit souwéi och an der Maison Relais strikt isoléiert bleiwen.

Et huet sech erausgestallt, dass deen annoncéeierte Plang vun den Infrastrukturen an dem Personal net ze realiséiere wier.

Dem leschte Stand vun den Instruktiounen, stellt et sech folgendermoossen duer:

- Gruppe gi net no pedagogesche Krittären, Geschlecht oder Frëndeskrees opgedeelt, mee ausschliisslech duerno, ob se an der Maison Relais musse betreit ginn, oder net.
- Gruppe sinn deemno och net gläich grouss, e Maximum vun 10 (respektiv vun haut un 12 ab Cycle 3 a 4) si festgesat. Vill Klasse sinn a Gruppe vun 10 + 3 opgedeelt.
- De Maximum vu Kanner pro Klass, déi Recht op Maison Relais hunn ass op 10 festgeluecht. Mellen sech der méi da kréie verschidde Kanner d'Betreiung an der Maison Relais refuséiert an d'Elteren hunn Urecht op Congé pour raisons familiales. Prezis Krittären sinn net festgeluecht, déi Situatioun generéiert e grousst Konfliktpotential an der Schoulcommunitéit.
- Sinn d'Klassen am Cycle 3 a 4 net méi grouss wéi 12, da ginn se net opgedeelt, wann de Sall grouss genuch ass. Trotzdeem kommen se nëmmen all 2. Woch an d'Schoul.
- Ass am Cycle 3 a 4 d'Grupp vun der Kanner aus 2 Klassen déi an d'Maison Relais ginn am Total méi kleng wéi 10, da ginn déi Gruppen an der Maison Relais zesummegeluecht.
- Vill Maison Relais hunn net genuch Raim fir all déi Gruppen ze betreien a mussen op Säll aus der schoul zeréckgräifen. Déi 2 Gruppen aus enger Klass sinn dann zur selwechter Zäit an der Schoul. D'Kanner virun an no der Schoul ze isoléier wäert kaum méiglech sinn.
- Am Schoultransport sinn all d'Kanner aus der Schoul am selwechte Bus zesummen.
- Privat Crèchen, déi d'Kanner no der Schoul betreien, musse respektiv kënnen d'Gruppenandeelung aus der Schoul net respektéiere.
- Et ass keen Accueil virun der Schoul an d'Maison Relais ass nëmme bis 18.00 Auer op. Vill Eltere kënnen net op d'Offer zeréckgräifen a mussen sech anescht organiséieren. Grousseltere mussen asprangen oder d'Eltere mussen sech private organiséieren, d'Gruppen aus der Schoul kënnen do net ëmmer respektéiert ginn.
- An der Phase vum Deconfinement kënnen d'Kanner, déi an der Klass ausenee gerappt goufen, sech no der Schoul treffen an zesumme spillen.
- Kanner, déi net an der Maison Relais ugemellt sinn, bleiwen eng Woch op sech eleng gestallt, ouni Encadrement vun den Enseignanten.

Et ass kloer, dass **d'Gesondheet priméiert**. Sollt sech den Deconfinement vun er Gesellschaft als ze fréi erausstellen, da bleiwen ass Schoule souwisou zou.

An enger Blëtzmfro vum SEW/OGBL bei den Enseignanten aus dem Fondamental hunn an 48 Stonne méi wéi 400 Enseignanten aus dem ganze Land geäntwert:

- Quasi Unanimitéit gëtt et bei den Enseignanten, datt d'Kanner sollen erëm esou séier wéi méiglech an d'Schoul kommen. Retizense gëtt et haaptsächlech bei den Enseignanten aus dem Cycle 1, déi e Sécherheetskoncept fir hir Schoulkanner froen.
- Eng grouss Majoritéit schwätzt sech aus pedagogesche Grënn géint de Splitting vun de Klassen aus.
- Déi meescht Enseignantë fannen duerfir den enormen organisatoreschen Opwand fir absolut net gerechtfäerdeg.
- D'Enseignantë sinn am Allgemengen der Meenung, dass de Modell och de Besoine vun den Elteren, déi kee Recht méi op CRF hunn, net gerecht gëtt.

Duerfir fuereden den SEW/OGBL an de Landesverband:

- **Kee generelle Splitting** vun de Klassen. Klasse sollen nëmme gedeelt ginn, wann d'Zuel vun de Kanner iwwert 17 erausgeet, oder wann d'Klassesäll ze kleng sinn. An dem Fall soll onbedengt gekuckt gin fir 2 Klassen funktionnéieren ze loossen.
- Et erlaabt den Enseignantë fir sech optimal ëm d'Besoine vun de Kanner ze këmmen a pedagogesch sënnvoll Aktivitéiten ze organiséieren. D'Schoulzäit bis de Summer géif sech verduebelen an et ka viles vun dem wat verpasst gouf opgeschafft ginn.
- D'Ressource vun de Maison Relais géifen dann erlabe fir moies en Accueil unzebidden an d'Betreiung bis 19.00 Auer ze assuréieren.
- Schoul, Gemeng a Maison Relais kënnen sech op d'Mise en place vun de Sécherheetsmesure konzentréieren.

Här Meisch, vill Zäit ass verplempert gi fir eng Organisatioun ze plangen, déi net sënnvoll ass an op ville Plazen net ze realiséieren. Et ass nach Zäit fir eng gutt Léisung ze adoptéieren an den Enseignanten d'Zäit gi fir sech ëm de pedagogesche Volet op d'Reprise vun de Schoulen ze preparéieren.

Kommunizéiert vum Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft (SEW) am OGBL an dem Landesverband den 12. Mee 2020





Luxemburg, 13. Mai 2020

Offener Brief an Frau Paulette Lenert, Gesundheitsministerin

Rückkehr in die Schule: Keine Normalität für Kinder!

Der Lockdown bedeute nicht nur für die meisten Erwachsenen der Verlust ihres gewohnten sozialen Umfeldes und jeglicher Tagesstruktur. Auch Kinder mussten durch die Corona-Pandemie tiefgehende Einschnitte erleben: Von einem Tag auf den anderen wurden sie von ihren wichtigsten Bezugspersonen getrennt, litten unter Kontaktverboten und Ausgangsbeschränkungen. Auch wenn alle Einschränkungen darauf abzielten, eine zu rasche Verbreitung von COVID-19 zu verhindern - demnach die Gesundheit der Menschen zu schützen - so sorgten sie doch gleichzeitig durch ihre Wucht bei vielen dieser Menschen für eine noch größere Angst vor einer möglichen Corona-Erkrankung, und infolge für damit einhergehende, nicht zu unterschätzende psychische Belastungen. Dabei definiert selbst die WHO Gesundheit als "ein Zustand des vollständigen, körperlichen, geistigen und sozialen Wohlergehens und nicht nur das Fehlen von Krankheit und Gebrechen".

Nach Wochen der sozialen Isolation, erlauben die angekündigten Lockerungen, langsam zur Normalität zurückzukehren. Auch viele Kinder wollen so schnell wie möglich ihr normales Leben zurück und freuen sich auf die Wiederaufnahme des Unterrichts. Wenn einige Beschränkungen auch weiterhin Bestand haben werden, so gilt es doch, das Alltagsleben der Kinder so normal wie möglich zu gestalten, auch um weitreichende negative Auswirkungen der Corona-Maßnahmen auf die Kinderpsyche zu vermeiden. Doch werden die Schüler ihre Schule nicht so wiederfinden, wie sie sie verlassen haben (und auch nicht viele ihrer Freunde und Lehrer). Halbe Gruppengrößen, die ständige Isolation der einzelnen Gruppen, die Betreuung von Kindern in Räumlichkeiten, die dafür nicht vorgesehen wurden (Hitze, Belüftung, Akustik, ...), drastische Beschränkungen, die ungezügelt Ausstoben im Pausenhof verhindern (Maskenpflicht, Abstandsregeln, gesperrte Spielplätze, ...), ständige Kontrolle durch die Vertrauenspersonen, damit ja auch alle „sanitären Richtlinien“ eingehalten werden - all dies wird bei den Schülern tief reichende Spuren hinterlassen.

Angesichts der im Privatleben eines jeden Bürgers bevorstehenden Kontakt-Lockerungen, des unvermeidbaren Aufeinandertreffens von Geschwistern aus unterschiedlichen schulischen Gruppen im Familienkreis, einer maximalen Klassengröße von 15(!) Schülern bei Schulöffnung in unseren Nachbarländern und nicht zuletzt in Anbetracht dessen, dass die Schüler nach Wochen des Homeschooling ein Recht auf, qualitativ hochwertigen Unterricht und einer Betreuung durch qualifiziertes Personal haben, appelliert der SEW/OGBL an die Gesundheitsministerin: **„Bitte tun Sie den Kindern das nicht an!“**



Lëtzebuerg, den 18. Mee 2020

Oppene Bréif un de Premier Minister Xavier Bettel an un d'Regierung

Betrëfft : Reprise vun de Groundschoulen de 25. Mee

Den SEW/OGBL mécht en Appell un de Premier Minister an un d'Regierung d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen, datt d'Reprise vun de Schoulen am Fondamental net am organisatoreschem Chaos ënnergeet an d'Coursen de pedagogeschen an affektive Besoine vun de Kanner no der laanger Phase vun Isolatioun gerecht kënnen ginn.

Déi betrafte Syndikater vum OGBL, aner Enseignantsgewerkschaften an d'Elterevertrieder hate beim proposéierte Modell vum Educatiounsminister fréi op d'Schwieregkeeten um Niveau vum noutwendege Personal a vun den Infrastrukturen an de Schoulen a besonnesch an de Maison Relais higewisen. Den Educatiounsminister ass sech trei bliwwen an huet den Dialog mat de Schoulpartner refuséiert, sou dass d'Alternativmodeller net mol diskutéiert goufen. D'Enseignanten a souguer d'Regionaldirektiounen ginn zäitgläich mat den Eltere just via Pressekonferenz informéiert, aner Kommunikatioune gëtt et kaum oder guer net.

Well de Modell vum Splitting vun de Klasse weder um Niveau vum Transport, nach um Niveau vum Personal, an de Raimlechkeete fir d'Betreiung an de Schoulen an an der Maison Relais konnt realiséiert ginn, an dobäi och net de Betreivungsbesoine vun den Eltere gerecht gouf, ass en no an no, erëm ouni Dialog mat Gemengen, Enseignanten an Elteren, verännert a verwässert ginn.

Dat huet schliisslech dozou gefouert, dass nei Mesuren de Splitting vun de Klassen ad absurdum féieren an et den Enseignanten onméiglech maachen, d'Course sënnavoll ze organiséieren. D'Enseignanten hu sech an de leschte Wochen enorm an d' «#schouldoheem» engagéiert a mat grousem Opwand de Splitting organiséiert, si si bereet fir Iwwerstonnen ze maachen. Dat am Sënn vun de Kanner. Si stinn awer net méi hannert den deelweis absurde Mesuren a riskéieren sech elo zesumme mat de Gemengen, déi schonn e groussen Opwand bedriwwen hunn, just nach lächerlech ze maachen :

- Deen eenzege Krittär fir d'Zesummesetze vun de Gruppe war d'Betreiung an der Maison Relais fir d'Besoine vun zousätzlechem Personal an der Maison Relais op e Minimum ze reduzéieren. Léiergruppe konnten net no pedagogesche Krittäre gestalt ginn, Frëndschaften net berücksichtegt ginn a verschiddene Fäll mol net Geschwëster an déi selwecht Woch gesat ginn.
- Klassen hu missten zueleméisseg onreegelméisseg opgedeelt ginn (Et gëtt vill Beispiller wou eng Klass a Gruppe vun 5 a vun 10 gedeelt gouf).
- Aus de Cycle 3 a 4 si kleng Gruppe vu verschiddene Klassen an der Maison Relais erëm zesumme geluecht ginn.
- Vill Kanner ginn net méi vun hiren Enseignante betreit, déi an anere Klassen aushëllef mussen. Wann den neien Enseignant bis en Iwwerbléck huet, dann ass d'Schouljoer eriwwer.

- A ville Gemengen ass de Personalproblem an de Manktem u Säll nach net geléist. Verschidde Gemenge wëllen op de Splitting vu Klasse verzichten.
- D'Mesurë fir verhalensopfälleg Kanner sinn aus Personalmangel ofgeschafft ginn, grad esou wéi op ville Plazen d'Cours d'Accueil.
- An dëser schwiereger Situatioun ginn d'Kanner an den Übungsgruppe vu Leit betreit, déi ganz kuerzfristeg agestellt goufen, déi keng Erfahrung hunn an de Kanner onbekannt sinn, dat an engem Kader, den alles anescht wéi Sécherheet vermëttelt. Vermummt, op Distanz, mat enger ganzer Rëtsch vu Sécherheetsmesuren, déi fir vill Kanner befrügend wierke wäerten. Si si warscheinlech scho souwisou zum Deel traumatiséiert, a verléieren och elo an der Schoul all hir Repèren.
- Am Schoultransport kann an de Busse keng Distanz gehale ginn, D'Kanner vu verschidde Klasse sëtzen direkt niewenteneen.
- Am Cycle 1 sinn d'Mesurë vun der Distanz an der Mask einfach opgehewe ginn. No bausse sinn déi Gruppen net méi oder manner isoléiert wéi déi aner Kanner aus dem Fondamental.
- An elo sollen d'Kanner ab 7.00 Auer moies all zesummen am Schoulhaff mat enger Surveillance op den Ufank vun der Schoul waarden : de Splitting vun de Klassen, den Amenagement vum Schoulhaff a verschidden Zonen, d'Organisatioun vun de Pausen zu verschidden Zäite fir d'Klassen net ze vermëschen ass domadder just nach lächerlech an déi ganz Organisationsaarbecht vun de Gemenge fir ze garantéieren, dass d'Kanner, wa se an d'Schoul kommen, d'Distanze kënnen anhalen a sech net vermëschen, ginn zu enger Farce.

De Modell, wéi en am Moment do steet, gétt net méi vu den Enseignanten ënnerstëtzt. Widderwëlleg a mat groussen Opwand organiséiere si d'Reprise no engem Modell, dee si als absurd qualifizéiere mussen. Stänneg Ännerunge vun net duerchduechte Mesurë maachen et ëmmer méi konfus, ginn absolut keng Planungssécherheet a weise mëttlerweil d'Inkohärenz vun deem ganze Virhaben op.

Allgemeng Richtlinnen, wéi an de Klassen déi Phase vu #schouldoheem evaluéiert an opgeschafft ginn, wéi d'Schoulzäit ënnert ganz schwieregen an ongewinnnte Konditiounen bis de Summer ka gestallt ginn, feele komplett.

Den Educatiounsminister huet en Appell un d'Patrone gemaach den Elteren an hirem Betrib entgéint ze kommen. A senger Roll als Patron huet de Minister awer d'Elteren ënnert sengen Enseignantë komplett vergiess a kann hinne keng Léisung ubidden.

Et bleift just eng Woch fir aus der Sakgaass do erauszekommen an d'Reprise sënnvoll ze organiséieren. Dobäi leien Alternativen um Dësch.

Den SEW/OGBL verlaangt duerfir, dass, ouni weider Zäit ze verléieren, eng Task Force aus Representante vun de Gewerkschaften, den Elterevertrieder, dem Syvivol an de Responsabelen aus dem Educatiounsministère opgestallt gétt, déi e Modell op d'Bee stellen, den de sanitären Exigenzen, de Besoine vun de Kanner an den Eltere gerecht gétt an deen organisatoresch machbar ass.

Här Premier Minister, Dir Dammen an Hären aus der Regierung, et ass nach net ze spéit. Huet Är Responsabilitéit, et geet ëm eis Kanner !

en vouloir plus

C'EST NATUREL



Raiffeisen

Naturellement ma banque

Plus vous nous faites confiance, plus vous y gagnez.
**Avec OPERA PLUS, vous bénéficiez naturellement
 de tout un éventail d'avantages tarifaires.**

infos en agence ou sur www.raiffeisen.lu



COMMUNIQUÉ DE PRESSE



ET GEET DUER! SCHLUSS MAM ORGANISATOIRESCHEN CHAOS!

DEN SEW/OGBL AN DE LANDESVERBAND FUERDEREN D'OFFER VUN ENGEM ACCUEIL MOIES VIRUN DER SCHOUL FIR ALL D'KANNER AM BESOIN AN E RETOUR ZU DE GANZE KLASSEN NO DER PÄISCHTVAKANZ!

Eng Woch no der Reprise am Fondamental schéckt de MENJE d'Direkteren an d'Schoule fir no der Vakanz eng Surveillance moies virun der Schoul organiséieren ze loossen, mat Consignen, déi et net soll schrëftlech ginn an déi net deem entspreche wat de Minister ugekënnegt hat.

Dës Surveillance soll exklusiv fir d'Kanner vun deenen Eltere sinn, déi um 8 Auer hir Aarbecht ufänke mussen. Si brauchen duerfir en Certificat vum Employeur, e Modell dovunner wëll de MENJE an den nächsten Deeg (!) den Enseignanten zoukomme loossen.

Et gëtt keen Appell au Public a keng Enquête bei den Eltere gemaach, mee d'Titulairë sollen den Elteren déi Offer maache bei deenen se wëssen, dass de Besoin besteet.

D'Enseignanten hunn déi Informatioun iwwert d'Aarbechtshoraire vun den Elteren natierlech net a missten se fir d'éischt (ouni Enquête!) bei den Elteren nofroen. D'Enseignantë kënnen a virun allem wëllen net jugéiere wien Urecht op dës Surveillance huet.

Jeeweils a gemëschte Gruppen (Léier- an Übungsgruppen an all Cyclen duercherneen) bis 12 Kanner sollen d'Kanner virun der Schoul eng Stonn laang surveilléiert ginn; wéinst der Responsabilitéit awer net am Haff, mee an engem Raum oder dem Hall vun der Schoul; sënnvoll Aktivitéite sinn net virgesinn.

Wann an enger Schoul déi eenzel Gruppen op méi Standuerter verdeelt sinn, gi Regruppementer op enger Plaz virgeholl. Kanner, déi net nëmmen an der Paus strikt getrennt bleiwe mussen, treffe sech alleguer virun der Schoul an engem Grupp.

Dee Surveillance-Modell mécht den opwännege Splitting komplett lächerlech. Fir d'Enseignanten heescht dat och erëm vill Iwwerstonnen a vill Organisatiounsaarbecht fir e Modell, dee vläicht scho muer erëm op d'Kopp gehäit gëtt.

D'Auswiel vun de Kanner ass eng segregatär Mesure a setzt Elteren, Léierpersonal a Gemengen ënner Drock.

Nodeems d'Presidente vun de Schoulcomitéen zesumme mat hiren Enseignantë mat vill Aarbecht a grousser Zäitopwand e Modell vum Splitting aus dem Ministère ëmgesat hunn, dee vun enger grousser Majoritéit vun den Enseignanten als pedagogesch net sënnvoll ugesi gëtt, dierf d'Organisatioun vun där Surveillance net bei de Presidenten, Comitéen oder Titulairë leien!

Den SEW/OGBL an de Landesverband fuerderen de Ministère op, eng Surveillance fir ALL Kanner am Besoin ze organiséieren!

De Splitting ass duerch ekonomeschen Drock esou verwässert ginn, dass d'Kanner permanent an neie Gruppen a Konstellatiounen zesumme kommen.

D'Kanner sollen erëm zesumme mat all hire Frënn aus der Klass an d'Schoul komme kënnen. E Splitting vun de Klassen ass nëmmen an Ausnahmefäll bei ze vill groussen Effektiver sënnvoll. D'Maison Relais hätten domadder och erëm d'Méiglechkeet de Kanner moies virun der Schoul e sënnvollen Accueil ze bidden.

An senge läschte Communicatioune schwätzt de Minister elo reegelméisseg vun engem „mir“. E „mir“ gëtt et am Enseignement awer net méi. Op der enger Säit gëtt et dauernd aner deelweis chaotesch Mesuren, déi sech selwer widderstrieden an op der anerer Säit gëtt mat grousem Opwand gekuckt, dass et an der Praxis organisatoresch klappt.

Enseignantë brauchen no laangen an hektesche Wochen elo e puer Deeg fir d'Batterien erëm opzelueden. Et mussen awer gläichzäiteg och weiderhin d'Virbereedunge fir déi kommend Wochen, an och d'Rentree am September stattfannen. Eis all erwaarde lescht Woche vum Schouljoer mat vill Aarbecht, Evaluatiounen, Elteregesprécher a Planunge fir d'nächst Schouljoer.

Den SEW/OGBL an den Landesverband fuerderen fir d'Enseignanten elo den Droit à la déconnection fir déi nächst Woch.

Dofir leet den SEW/OGBL all Léierpersoun un d'Häerz, an der Päischtvakanz ofzeschalten, Computeren auszemaache fir zur Rou ze kommen.

**Kommunizéiert vum SEW/OGBL a Landesverband
den 29. Mee 2020**





Enquête zur Organisatioun vun der Reprise an der Grondschooul

Den SEW huet den 8. Mee eng Enquête zur Organisatioun vun der Reprise an der Grondschooul bei den Enseignantë gestart.

Den Uklang war enorm. Innerhalb vu 5 Deeg hu 456 Enseignantë sech Zäit geholl, eis hir Erfahrungen, Iwwerleeungen, Bedenken, Suggestiounen an och Suerge matzedeelen.

Dat weist, dass Klärungsbedarf besteet an eis Enseignanten, och a Krisenzäiten sech abréngen, kontrovers a konstruktiv matdiskutéieren an eis ëffentlech Schoul no vir bréngé wëllen.

Mir soen allen Enseignantë Merci fir hir Mobilisatioun an hiert Engagement.

De Comité vum SEW huet all Äntwerten duerchgelies an ausgewäert, fir sech ee konkret Bild vun der Situatioun um Terrain ze verschafen a konnt soumadder prezis Froen an Doléancen un den Educatiounsmi-nister weiderleeden.

Een Haaptkritikpunkt kann ee gläich am Ufank eraushiewen: an zwar déi schlecht Kommunikatioun vum Educatiounsmi-nistère. Déi feelend Dialogbereetschaft war

scho virun der sanitärer Kris problema-tesch, a gouf duerch dës nach verschäerft a méi siichtbar. Eng ganz Rei Enseignantë bemängelen dëse feelenden Dialog. Et gëtt begréisst, dass d'Enseignanten duerch eis Ëmfro eng Stëmm hunn an hir Doleance kënnen virdroen.

„Ech fannen et ganz gutt, dass den SEW op dësem Wee d'Meenung vun de Leit um Terrain freet, (...) Respekt fir ären Asaz!“

„Merci fir är Ëmfro, schéin sech eng Kéier ausschwätzen ze dürfen.“

„Merci, dass der déi Ëmfro gemat hudd, fir de Bols bei den Enseignanten ze fillen.“

Kritiséiert gëtt virun allem, dass d'Enseignanten d'Informatiounen zäitgläich mam Rescht vun der Populatioun iwwert d'Medie kréien. Dëst gëtt als eklatante Mangel u Wäertschätzung erlieft. Ausserdeem sinn d'Aussoen aus dem Ministère zum Deel flou, oder carrement kontradiktöresch.

„Et ännert dauernd, ass net kloer a vill onbeäntwert Froen“- dës Ausso deckt sech mam Empfanne vun engem groussen Deel vun den Enseignanten, déi bei eiser Ëmfro matgemaach hunn. „E Mangel un Transparenz“, ass och ëmmer erëm ze liesen.

„Net bis an den Détail duerchduecht“ ass een anere Virwurf, deem de MENJE sech stelle muss. D'Enseignantë bedauern, dass net méi mat de Leit um Terrain diskutéiert gëtt, an och d'Direktiounen dacks net méi Informatiounen hunn oder eben nëmme als Sproochrouer vum MENJE fungéieren.

Der Reprise selwer géigeniwwer war d'Majoritéit vun den Enseignanten, déi bei eiser Ëmfro matgemaach hunn, positiv agestallt. D'Kanner hunn ee Recht op Bildung, an de soziale Kontakt mat Kolleegen a Léierpersonal ass immens wichteg. Déi Allermeescht fannen déi Reprise deemno richteg a wichteg, ebe just net ënnert de gegebenen Ëmstänn. Et ass e grouse Wonsch, normal kënnen ze schaffen. „Ganz oder guer net“, ass hei d'Suggestioun vum Gros vun den Enseignanten.

„Ech sinn dofir, wann d'Schoulen ërem sollen opgoen, dann als ganz Klass a mat dem Enseignant den d'Kanner soss ëmmer hun, an an hirem gewinnnten Entourage!!!“

Deemno halen déi allermeescht Enseignantë guer näischt vum Splitting. Zemoos et am non-formale Beräich oder beim Transport souwisou zu Vermëschunge kënn.

Et ass och eng méi eng kleng Unzuel vun Enseignanten dofir, d'Rentree (fir de Cycle 1 zumindest) no hannen ze verréckele respektiv d'Schoulpflicht am Cycle 1 opzehiewen an nëmme Betreuung, respektiv „Appui“ fir verschidde Kanner unzebidden.

Et gëtt kritiséiert, dass viles nach onkloer, iwwert de Knéi gebrach, onsënnege an zum Deel einfach net ëmsetzbar ass.

D'Hygiënesmesuren, déi virgesi sinn, fanne vill Enseignanten onrealistesche, onduerchféierbar a grujeleg fir d'Kanner.

Grouss Suerge mécht och, dass d'Qualitéit vum Unterrecht net méi garantéiert ass. Cours d'accueil a Cours d'Appui zum Beispill falen ewech, grad esou wéi aner wichteg personell Ressourcë fir Kanner mat besonnesche Besoinen. Dass dat alles ënnert erschwéierte Konditiounen an der Schoul, wéi den Horaire vun 8 bis 13 Auer, decaléierte Pausen, kee Sportunterrecht, Betreuung vu moies bis owes an engem Sall, stattfënnt, mécht et weder fir d'Schüler, nach fir d'Enseignantë méi einfach.

„Verschidde Kanner hunn Angscht, fir an d'Schoul ze kommen, si fäerte Buffen a Masken, fäerten, well si dat Ganzt net verstinn. D'Kanner sollen erëm a soziale Kontakt trieden, mee u sech kréie si just d'Iddi vu sozialem Kontakt viru sech gestallt, duerfen awer net interagéieren. Si duerfen net mat hirem Kolleeg spillen, si duerfen hien net mat der Hand huelen, si duerfen net mat der Joffer e Spill spillen,... Natierlech mussen d'Kanner erëm an d'Schoul, natierlech mussen si léieren, natierlech brauche si Kontakt, mee am Moment ass dëst mat wéineg Interaktioun, a méi mat Restriktioun verbonnen.“

„Ech fannen et eng Katastroph, datt mir Kanner, déi de ganzen Dag betreit mussen ginn, 8 resp 10 Stonnen op e Stull sëtzen mat enger Paus moies, enger Frupsbox fir d'Mëttespous ouni Aktivitéiten a Bewegung mëttes.“

A Fro gestallt gëtt och, ob sou vill Opwand, bedriwwen fir 17 Schouldeeg, gerechtfäerdigt ass, zemoos d'Leit um Terrain sech bei der Organisatioun eleng gelooss fillen. De Minister decidéiert, an d'Leit um Terrain exekutéieren – heiansdo mat de Gemengen, a verschidde Fäll awer och trotz hinnen. De professionellen Avis vun den Enseignanten ass net am Viraus gefrot ginn, e gëtt och net wouergeholl wann et ëm d'Ëmsetzbarkeet vun de Mesuren geet. Sou schreift een Enseignant, dass „d'Sichtweis vun den Enseignanten guer keng Roll spillt an d'Fu-

erderungen vun der Gewerkschaft komplett ignoriert gin.“

„Ech fannen, datt d'Schoulpersonal hei eng Zopp muss ausläffelen, déi d'Politik (an aner Acteuren) verursaacht huet. Mir setzen Stonnen zesammen an diskutéieren wéi esou sënne Moosnamen ëmgesat kënnen ginn, déi inkoherent sinn an déi ganz sécher net kannergerecht sinn.“

Eng Rei Enseignantë stoungen während der ganzer Homeschooling-Phase ënnert enormem Drock. Si hunn a kierzester Zäit fir d'Schüler alles ëmorganiséiert, nei Kommunikatiounsweeër gesicht a probéiert, der perséinlecher Situatioun vun all eenzelnem Kand gerecht ze ginn. Dat huet vill Zäit en Energie kascht.

Do donierft nach d'Reprise am Mee z'organiséieren, mat Formulieren, déi fir nach méi Confusioun an Aarbecht gesuergt hunn, (mir erënneren hei un den ominöse Formstack-Formulaire, den un d'Eltere gaangen ass), huet vill Enseignanten un hir perséinlech Grenze bruecht.

Hei just e puer Zitater, déi däitlech maachen, wéi grouss d'Verzweigung um Terrain ass:

„Mir schaffen am Moment massiv, fir dass d'Reprise kee Fiasko gëtt. Deen Effort soll unerkannt ginn.“

„Wat grad geschitt, léisst mech net roueg schlofen.“

„Ech hunn d'Flemm. Mir ginn net gelauscht.“

„Et ass schwierig fir Jiddereen, (...) mee mir leiden a packen den Drock net! Dat gefill alleng do ze stoen an alles mussen ze droen! Eise perséinleche Paack, den Eltren vun eise Schüler hier Päck, ech als Coordinatrice dem cycle säi Paack... ech schaffe gär mee net esou! ET ASS ZEVILL... „

„ech weess am Moment net méi wéi ech alles packe soll... Den Dag huet net genuch Stonnen“

„Et ass sécher keen Enseignant do, dee sech laanscht d'Aarbecht dréckt. Mee all Dag bis déif an d'Nuecht zesammen schaffen, fir Léisungen ze fannen (...) geet net méi laang gutt.“

„Mat dem Stressor hei ass d'Faass um Iwwerlafen.“

D'Grondschoul stécht scho méi laang an enger Kris. Mir verweisen heibäi op déi grouss Enquête um SEW/OGBL vum Ileschte Joer. Déi Tendenzen, déi schonn zu dem Moment ganz kloer ze erkenne waren, hu sech elo nach emol duerch déi sanitär Kris bestätegt, respektiv verschäerft.

Mir Enseignanten hale gäre Schoul, mir Enseignantë wëllen anstänneg Schoul halen, mir Enseignantë suergen eis ëm dat séilescht Wuel vun eise Schüler.

Mee mir wëllen net blannemännches ëmsetzen, wat vun uewen erof diktiéiert gëtt.

Wann Enseignanten einfach nëmme sënne an zum Deel onkloer a kontradiktoresch Mesuren „auf Biegen und Brechen“ ëmsetze

mussen, ënnert grousem Zäitdrock, ouni pedagogesche Méiwäert fir eis Kanner, widdersprécht dat hirem Berufsbild an hiren Iwwerzeegungen a mécht si krank.

Dass d'Reprise eenegermoosse funktionéiert ass exklusiv de Verdéngscht vun de villen Enseignanten, déi mat konstantem Asaz déi Saachen op d'Been gestallt hunn a lokal Schwierigkeiten a Problemer onbürokratesch léisen.

Mir Enseignantë wëlle Gehéier fannen, jo souguer explizitt gefrot a serieux geholl ginn. Als Experte vum Terrain, déi genau wëssen, wou de Schong dréckt, wëlle mir mat diskutéieren a mat gestalten.

De Minister verkënnegt zënter Joren en Dialog, seng Handlungen weisen a beweisen awer genau de Géigendeel. De Vertrauensverloscht, deen an dësen Zäiten nach eng Kéier verschäerft gouf, huet

nohalteg Konsequenzen an der lëtzebuerger Bildungslandschaft.

Hei zum Ofschloss nach e puer kleng Denkestéiss vu KollegInnen:

„Bei mär ass hänken bliwen vum Minister „Gedold a MÄR maachen dat“ Jo stemmt... mär um Terrain maachen dat nees!“

„en Minister misst och mol den Enseignanten hier Arbecht valorisieren an sou den Beruff vum Schoulmeeschter no baussen opwaerten“

„De System hei am Land (a net nemmen säit dem Corona) mecht dee motivéiersten Enseignant futti. Eng Récksprooch an Analys vun der Machbarkeet mat de professionellen vum Terrain iir een Décisiounen am Fernseh ukennegt as méi wi je néideg a wenschenswert.“





Voyages Sotour

*Une irrésistible envie
de partir ?*

Sotour - La bourse aux voyages

2, rue Louvigny
L-1946 Luxembourg

Tél. 46 15 14 - 1
air@sotour.com

COMMUNIQUÉ DE PRESSE

CORONAVIRUS: LES ÉCOLES LAISSÉES EN PLAN

Eviter d'éduquer les enfants dans un entourage anxiogène, dans lequel l'imprévu semble miner les repères des adultes requiert une préparation adéquate à divers scénarios.

A l'ère de la globalisation à outrance, l'apparition du virus COVID-19 au Grand-duché de Luxembourg était du moins prévisible, sinon à prévoir.

Si les moyens d'endiguer ce genre d'épidémie sont certes difficiles et contraignants, la confection et l'établissement de plans d'urgence préalables font parties des règles élémentaires de précaution et de prévoyance.

Centres de regroupements de diverses populations par définition, les écoles et lycées suivent avec une certaine anxiété depuis des semaines l'évolution de la propagation de ce nouveau virus. L'absence flagrante de procédures claires renvoie les élèves, enseignants, personnel et parents à de nombreuses incertitudes. La démesure médiatique de l'événement ne saurait être contrée uniquement par des appels au calme de la part des autorités: la communication d'un plan d'intervention d'urgence (PIU) aux acteurs-clés et des dispositions concrètes à suivre en cas de contagion saura rassurer toute une population scolaire face au désarroi.

De par le pays, le constat est fait que certains parents ont choisi de garder leur enfant à domicile par mesure de précaution, cette disposition étant évidemment réservée aux foyers pouvant se le permettre.

Miroir de la société, un certain pourcentage des élèves ainsi que du personnel intervenant dans les écoles peuvent être considérés comme populations vulnérables ou même à risque et se posent à raison la question de l'obligation de protection de la part de l'Etat, respectivement et à fortiori, de leur employeur.

Le syndicat Education et Sciences (SEW) de l'OGBL et la FNCTTFEL-Landesverband en appellent au ministère de l'Education nationale pour qu'il communique, en étroite concertation avec le ministère de la Santé, un dispositif de prévention spécifique aux écoles et surtout un mode opératoire en cas de contagion au sein des établissements scolaires, et ce dans les plus brefs délais.

**Communiqué par le syndicat Education et Sciences (SEW) de l'OGBL et la FNCTTFEL-Landesverband
le 4 mars 2020**

COMMUNIQUÉ DE PRESSE

#SCHOULDHEEM RÉDUIT L'ÉGALITÉ DES CHANCES !

Il y a maintenant deux semaines que la progression du virus Covid-19 a bloqué le pays, commençant par la fermeture des écoles, ensuite des magasins (sauf alimentaire) et finalement les chantiers. Selon le mot d'ordre «Bleift doheem» que l'on voit et entend partout maintenant, de nombreuses familles ne quittent quasiment plus leur domicile.

Pour assurer la suite des apprentissages de leurs enfants, le ministère de l'Éducation nationale a délégué la transmission des savoirs scolaires aux parents, sous le thème #schouldoheem.

Deux jours après la mise en place, le ministre de l'Éducation nationale tirait déjà un bilan positif.

Entretemps, la réalité quotidienne des familles montre les limites et risques de ces démarches.

Les parents ne sont pas des enseignants. Si beaucoup peuvent donner un petit coup de main, ils ne peuvent remplacer l'enseignant et le cadre scolaire. Il est important que les enfants n'aient pas trop de matière à traiter et que les devoirs soient exclusivement des répétitions ou approfondissements. Beaucoup de parents ne connaissent ni assez les langues employées à l'école ni les exigences du système scolaire luxembourgeois pour pouvoir aider leurs enfants dans leurs travaux. Ils risquent d'être rapidement submergés par les demandes des enfants et les attentes des enseignants.

Le tout-digital augmente l'inégalité de chances, car de nombreux foyers ne disposent pas ou pas en nombre assez important des technologies nécessaires pour l'enseignement virtuel à distance, ceci est tout simplement inacceptable.

Il est important que l'école soutienne les enfants et les parents, et n'augmente pas la pression qui mine déjà de nombreuses familles. En effet, beaucoup de travailleurs cumulent télétravail, encadrement des enfants, mais font face aussi à des craintes par rapport au virus, à leur santé ou celle de leurs proches, parfois sans savoir si leur entreprise pourra survivre à cette période: l'école doit tenir compte du quotidien compliqué de nombreux parents et enfants. D'autre part, le confinement et l'absence de rythme, les soucis concernant la reprise du travail pèsent sur le moral des ménages. La santé émotionnelle des familles et surtout des enfants doit être une priorité absolue.

L'OGBL a confiance en notre système scolaire qui devra adapter ses programmes dans les mois à venir afin de récupérer le temps perdu par la crise sanitaire et ne pas compromettre l'avenir scolaire des enfants.

L'éducation est un droit pour tous, pas uniquement pour les ménages privilégiés.

L'OGBL exige du ministère de l'Éducation nationale de veiller à minimiser l'impact des mesures actuelles sur les inégalités sociales déjà présentes et de s'occuper prioritairement des enfants issus de milieux défavorisés qui risquent d'être les grands perdants de cette crise.

Communiqué par l'OGBL

le 27 mars 2020



Och während der Corona Kris waren d'Vertreieder vum SEW a permanentem Austausch.





Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2020

Gemeinsame Communiqué vun APSS, FÉDUSE/Enseignement-CGFP, SEW/OGBL an SNE/CGFP.

“Retour an d'Schoul, nëmmen ënnert der Konditioun dass d'Gesondheet vu jidderengem, Schüler a Léierpersonal, garantéiert ass!”

Zënter dem 16. Mäerz sinn d'Schoulen zou an d'Schüler goufen “iwwer Distanz” doheem vun hiren Enseignante begleet an ënnerriicht. Zoue Schoulen, also keng dagdeeglech, massiv Rassemblementer vu Leit, sollte jo niewent all den anere Mesuren, déi géint d'Pandemie geholl goufen, derzou bäidroen, d'Ausbreedung vum Coronavirus anzedämmen.

An enger Videokonferenz mat de Gewerkschaftsvertreider vun APSS, FÉDUSE/Enseignement-CGFP, SEW/OGBL an SNE/CGFP huet den Educatiounsminister, Claude Meisch, gëschter, de 15. Abrëll, annoncéiert wéi de Retour an d'Schoulen ausgesinn, a wéini jiddereen erëm an d'Schoul goe soll.

Déi weider Entwécklung vun der Pandemie wäert ons Opschloss doriwwer ginn, op dëse Plang kann eent zu eent ëmgësat ginn.

D'Gewerkschafte si sech bewosst, dass d'Regierung, zesumme mat hire Beroder, intern Zenarien huet missen duerchdenken. E Plang huet missen hier, fir esou eng Exit-Strategie, an domadder verbonnen, eng Oplockerung vun de Beschränkungen ze definéieren.

Mir zielen drop, dass d'Regierung sech op de Rot vun hiren Experte baséiert huet an deemno och déi richteg Decisiounen hält, besonnesch och wat de schrëttweise “Retour en classe”, notamment ënnert dem sanitären Aspekt, ubelaangt.

Mir wëllen dorobber hiweisen, dass d'Gesondheet vun der Bevëlkerung och beim geplangte schrëttweisen Deconfinement viru wirtschaftlechen Iwwerleeunge stoe muss. Nëmme dat, wat vun de Gesondheetsexperten als ze verantworten ugesi gëtt, d'äerf och gemaach ginn.

Déi Jonk, och wa se manner a Gefor sinn, sinn net immun géint dëse Virus a bleiwe potenziell Vektore vun der Iwwerdroung. Et ginn och Schüler, déi zur Risikogrupp gehéieren, respektiv, déi

esou eng Persoun an hirer Famill oder hirem noen Ëmfeld hunn an duerfir op kee Fall dierfen dem Risiko vun enger Infektioun ausgesat ginn. All Altersgruppe sinn ënnert dem Léierpersonal vertraueden, an et ginn der och, déi eng fragil Gesondheet hunn oder zu der Grupp vun de vulnerabele Persounen zielen. D'Gewerkschafte begréissen d'Decisioun, dass déi Leit net mussen am direkte Kontakt mat de Schüler schaffen.

Et bleiwen allerdéngs nach vill Froen op, wéi d'Exit-Strategie konkret am Enseignement ëmgusat soll ginn.

Wéi kënnen mir sécherstellen, dass all d'Schüler an all d'Enseignante geschützt sinn?

Kënnen mir garantéieren, dass de "social distancing" ëmmer an iwwehall, grad ewéi d'Hygiènesmesuren an den eenzelne Gebaier, agehale ginn?

Dat alles ëmzesetzen, schéngt eis besonnesch bei klenge Kanner am ganze Cycle 1 vun der Grondschoul net esou einfach ze sinn. Aus sanitären Iwwerleeunge sollten d'Kanner aus dem Cycle 1 net a Gruppen an der Schoul versammelt ginn, duerfir misste fir déi Elteren d'Konditiounen verlängert gi fir hir Kanner doheem ze betreiwen.


Et stelle sech och nach vill Froen, wéi Schoulhaler an alternéierende Schülergruppe konkret soll oflafen. Well den Enseignement secondaire virum Enseignement fondamental opgoe soll, wäerten eng ganz Rei Enseignanten am Secondaire, déi selwer Kanner hunn, Congé pour raisons familiales mussen ufroen a kënnen dowéinst net an d'Schoul goen. Hei stellt sech d'Fro, wéi séchergestallt soll ginn, dass trotz dësen onvermeidlechen Ausfäll de Schoulbetrib wäert kënnen um Lafe gehale ginn.

Och fir déi Enseignanten, déi selwer vulnerabel sinn, wäert mussen Ersatz fonnt ginn. Organisatoresch sinn och am Fondamental nach vill Detailler ze klären, zum Beispill beim verännerten Horaire an dem Zesummespill vu Schoul a Maison relais.

An de Méint no dëser Kris muss och eng psychologesch Opaarbechtung bei alle Betraffenen an der Schoul garantéiert ginn.

Mir zielen drop, datt de Minister, wéi bis elo, och am schrëttweisen Deconfinement d'Ëmsetzung vun de Mesurë mat de Gewerkschaften ofstëmmt, zum Virdeel vum ganze Schoulssystem.

Fir d'Gewerkschaften ass awer kloer, dass d'Gesondheet vun der ganzer Bevëlkerung, also och all de Schüler an all den Enseignanten, absolut Prioritéit muss hunn. Do däerfen et keng Kompromësser ginn!



RTL Kloertext vum 21.05.: Schoul a Corona-Zäiten

Zréck an d'Schoul a Corona-Zäiten: Nom Homeschooling de Splitting an A- a B-Wochen an eng nei Normalitéit mat Distanz, Buff a Plexiglas.



Schoul hale wäert an Zukunft net méi d'selwecht sinn ewéi virun der Kris. Dat geet aus dem Kloertext op eiser Antenne ervir. An der Sendung goug et ëm d'Opmaache vun de Schoulen a Corona-Zäiten. Thematiséiert gouf ënnert anerem den Homeschooling, a wéiwäit d'Tester kënnen hëllefen a wéi sënnvoll de Splitting vun de Klassen ass.

Vill Proffen hätten am Lycée séier rëm wëlle mam Programm weider fueren, sot de CNEL-President Kimon Leners, Erklärungen zu de Sécherheitsmesurë wieren onkomplett gewiescht.

«An do ass de Probleem, datt och d'Virbillen selwer net Bescheid wëssen. A wann do iergendeen Enseignant, deen e Virbild ass fir d'Schüler, seet «e Buff bréngt näischt» an de Buff kënnt awer vum Ministère, ma da stelle sech ganz vill d'Schüler d'Fro wat do lass ass.»

Beim Thema Buff - all Schüler, och am Fondamental, sollt den éischten Dag vun der Rentrée schonn am Bus säi ronnt Halsduch kréien. «Mee zu Esch hu mer emol nach keng Buffen. Dat heescht e Méindeg geet d'Schoul un. An e Freideg de Mëtteg sollen aus China iwwe 6.000 Buffe fir Esch kommen. An déi musse jo dann nach verpak ginn an déi musse dann nach fir e Méindeg an d'Schoul kommen.»

Iwwerdeems géifen nach 96 Leit Personal feelen, fir den Encadrement mat gedeelte Klassen z'assuréieren, esou den Escher CSV-Buergermeeschter, Georges Mischo, an der Stad Lëtzebuerg feelen der nach 88.

Dem Patrick Arendt vum SEW-OGBL no, hätt de Ministère d'Iddi vum Splitting net méi wëllen opginn, obwuel se fir d'Acteuren um Terrain kaum ze realiséiere wier.

«Do war no kuerzer Zäit kloer - onméiglech. An do sinn déi ganz Mesuren esou verwässert ginn, dass Gruppen zesummegegesschloe ginn, an dunn huet et op eemol aus dem Transportministère geheescht, esou vill Bussen hu mer guer net, mir kënnen d'Kanner och net am Bus isoléieren, da gi se am Bus beienee gesat. Dat heescht mir hunn eigentlech keng isoléiert Gruppe méi.»

Bei der Rentrée am Lycée hätt ee gesinn, datt et schwéier wier, fir d'Schüler sech un alles ze halen, sot d'Direktesch vum Michel Lucius Pascale Petry. Et misst een hinnen erklären, firwat d'Mesurë wichteg wieren, mee...

«Ech denken awer, datt mer net ze vill dierfen eng Scholdzouweisung maachen, oder ze vill eng Laascht och op déi Jonk ginn a soen «wann s du dat mëss, da bass de gesellschaftlech de Béisen». Mee ech mengen awer, datt mer lues a lues mussen an déi Richtung kommen, datt mer soen, et ass eng nei Realitéit déi mer einfach hunn, an dat musse mer acceptéieren.»

© Eric Steichen



Monologues stériles

DIALOGUE (latin *dialogus*, du grec *dialogos*) • Discussion entre personnes, entre partenaires ou adversaires politiques, idéologiques, sociaux, économiques, en vue d'aboutir à un accord (*Larousse*) • Comme toutes communications, le dialogue comprend au minimum un émetteur et un récepteur. Cependant, le dialogue se distingue dans le processus qui unit ces deux protagonistes. Alors que la donnée émise est le message, le but du message est l'objectif de la communication ; dans un dialogue véritable, le but n'est donc pas le sujet de l'énoncé, il ne s'agit pas d'avoir raison du récepteur ni de lui imposer un point de vue cognitif, une perspective ou référence. Ainsi, par un code constituant un langage qui peut être verbal ou non verbal, une parole est contenue dans le message et transmise dans la communication, afin d'être décodée et reçue par le destinataire, puis de lui signifier quelque chose qui a du sens dans sa propre existence. Le dialogue appelle donc à ce que les acteurs de la communication soient transformés dans leur être, en toute liberté ; l'écoute active, l'humilité sincère et le respect mutuel y sont donc nécessaires (*Wikipedia*)

Le mandat du ministre actuel de l'Éducation est marqué par une absence totale de dialogue avec les enseignants. Cette peur du dialogue avec les partenaires semble d'ailleurs être un trait caractéristique commun à tout le gouvernement présent.

S'il n'existe pas de dialogue digne de ce nom, ni avec les enseignants, ni avec les représentants des parents, le ministère a énormément investi dans son dispositif de communication et fournit des efforts considérables pour contrôler le flux d'informations du système scolaire vers le public. De plus en plus, les publications s'apparentent à des tracts de propagande ayant pour objectif principal de promouvoir la politique du ministre et d'en vanter les mérites.

Le ministère veille également très attentivement à rester le seul à fournir des informations à la presse. Les enseignants ont été bâillonnés et n'ont le droit de s'adresser aux représentants des médias qu'avec une autorisation préalable de leur supérieur. Le ministre veut ainsi contrôler à tout prix l'opinion publique et éviter discussions et débats sur la place publique des problèmes du système scolaire.

Ainsi les nombreuses difficultés liées aux mesures imposées unilatéralement n'apparaissent que rarement dans la presse. Par contre, le ministre qui ne fuit jamais les projecteurs se limite à présenter sa version, forcément très positive, de la situation dans les écoles.

Cette divergence entre la situation réelle et celle présentée par le ministre ainsi que l'absence totale de dialogue avec les acteurs du terrain est une cause majeure d'une aliénation des enseignants de leur fonction.

Les enseignants constatent que de nombreux problèmes qu'ils rencontrent au quotidien sont occultés pour ne pas ternir la politique scolaire actuelle.

Ceci représente un danger non négligeable pour le système scolaire, car la motivation et l'identification des enseignants avec leur mission sont indispensables pour garantir une école efficace.

Les enseignants sont souvent en désaccord avec les mesures prises et relèvent leur inefficacité dans les salles de classe,

mais leurs suggestions et critiques ne trouvent apparemment pas d'écoute. Il s'en suit un sentiment de démotivation et de frustration qui à moyen terme risque d'avoir des répercussions néfastes sur leur engagement et leur travail.

La crise actuelle du Covid-19 a dévoilé au grand jour cette absence de dialogue et le ministre a bien senti la pression de la part du public. Sa manière de gouverner, pour ne pas dire de régner sur l'Éducation, a été fortement critiquée.

Les dernières semaines le ministre a donc adapté sa stratégie. Afin de pouvoir annoncer la consultation préalable des syndicats, il y a eu quelques conférences vidéo avec les représentants de tous les syndicats. Et contrairement à son habitude, il ne s'est plus limité à promouvoir ses mesures quelques heures avant leur annonce dans la presse, mais il a même, très timidement certes, demandé des avis aux syndicats mais sans pour autant dévoiler ou discuter sa stratégie pour le déconfinement des écoles.

Or ces avis et opinions n'ont pas mené à une

réelle discussion sur la stratégie à adopter. Fidèle au slogan annoncé, le ministre s'est limité finalement à « être à l'écoute ». A ce jour, toujours aucune réunion des représentants des partenaires scolaires autour d'une même table (même virtuelle) pour développer ensemble et en toute transparence les lignes directrices des mois à venir.

L'absence en amont de l'annonce des sujets de discussion fait ressembler toute rencontre avec le ministre à une pochette-surprise: En découvrant les thèmes à aborder le moment même, une discussion de fond n'est guère possible et on reste donc très loin d'un vrai dialogue.

Entre les enseignants et les responsables du ministère, le clivage s'accroît. Les enseignants se voient contraints de mettre en oeuvre contre leur gré des mesures qui ne leur semblent pas appropriées, pire même, qui vont envers leurs valeurs pédagogiques et professionnelles: Le « Nous » utilisé par le ministre dans l'une de ses conférences de presse ne dupe plus personne. C'est une formule creuse utilisée en management pour galvaniser les troupes. Rappelons qu'il existait auparavant une culture de dialogue entre les décideurs politiques, les représentants de la hiérarchie, les syndicats et les enseignants (à l'époque il n'y avait guère d'organisation des représentants des parents d'élève) au sein de l'Éducation.

Ainsi la ministre précédente débutait le processus de la mise en œuvre de la loi scolaire du fondamental (2009) par une consultation accentuée des syndicats qui présentaient leurs principales revendications et donnaient un premier avis sur l'orientation prévue de la nouvelle loi. L'élaboration se faisait en toute transparence et la rédaction des premiers textes était accompagnée de nombreuses consultations et réunions avec des discussions souvent très animées, mais d'autant plus fructueuses. Il s'agissait de trouver un consensus avec tous les acteurs de l'Éducation. Pendant cette période, dans de nombreuses écoles des enseignants se réunissaient à leur propre initiative, pour rédiger des propositions.

Le résultat final était considéré comme un travail commun et trouvait donc facilement le soutien et l'appui des enseignants qui s'affairaient à mettre la nouvelle loi scolaire

en œuvre. Rappelons que le concept de la cogestion était un des sujets litigieux à l'époque où finalement la ministre avait adopté la position des comités d'école existants déjà à l'époque.

Bien entendu et aussi à cette époque, certains articles et dispositions de la loi n'avaient pas trouvé l'accord complet des syndicats. Mais tous étaient conscients qu'il fallait trouver un consensus.

Rappelons en même temps la rédaction du document «Demain l'école», fruit d'un colloque organisé à l'époque du ministre Fischbach par les inspecteurs de l'école primaire. Les inspecteurs, contrairement aux directeurs régionaux actuels, ne se voyaient pas comme « manager » de l'école avec une mission limitée aux seuls sujets de l'organisation, mais ils se considéraient avant tout responsables des sujets pédagogiques.

De nos jours, on reste pourtant très loin d'une telle approche. Le fossé qui sépare les enseignants du responsable politique ne cesse de croître. Le fait que les mesures et dispositions gérant l'Éducation nationale soient en règle générale publiées par voie

de communiqué ou conférence de presse n'est pas du tout apprécié par les enseignants, d'autant plus que toutes les informations vont à sens unique top down et que les directions régionales - elles-mêmes souvent prises au dépourvu - se retrouvent bon gré, mal gré à rabâcher la voix de leur maître.

Si tous les experts sont unanimement d'accord que l'engagement, la motivation et le savoir-faire des enseignants sont les facteurs clés de la qualité de l'enseignement, il faudra au plus vite rétablir un vrai dialogue entre tous les acteurs et partenaires de l'école.

Avec le retour à une organisation scolaire « normale », la crise du Covid ne sera pas terminée. Pour éviter des conséquences dramatiques surtout pour les élèves des couches sociales défavorisées, il faudra un effort commun des décideurs et des enseignants.

Réunissons-nous enfin autour d'une table et que le vrai débat commence !

Patrick Arendt





Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
L-2926 Luxembourg

Luxembourg, le 25 février 2020

Objet : APL candidats sursitaires

Monsieur le Ministre,

Par la présente, le SEW/OGBL vous fait part de ses interrogations quant à l'avant-projet de loi sur les candidats sursitaires que vous lui avez soumis pour avis.

Dans son article 1, il est indiqué que « *ce volume (de cent vingt leçons) est calculé proportionnellement au degré de la tâche du candidat en cas de service à temps partiel* ». Cette notion de « *service à temps partiel* » ne nous paraît pas claire, en particulier en prenant comme référence sa définition précisée dans le cadre du statut des fonctionnaires. Prenons le cas d'un congé parental à 50 % ? Selon le statut des fonctionnaires, la personne concernée par un congé parental partiel est considérée comme « en activité de service ». Par ailleurs, le relevé de la tâche du professeur indique, dans le cas d'un tel congé, le code « G1 », désignant une tâche complète, le congé parental étant indiqué sous forme de décharge de 11 leçons. Selon l'interprétation du SEW/OGBL, un candidat sursitaire en congé parental à 50 % devrait donc avoir droit à l'entièreté des 120 leçons affectées à son compte épargne-temps.

Par ailleurs, le statut du fonctionnaire spécifie que « *le service à temps partiel est considéré comme période d'activité de service intégrale pour l'application des avancements en échelon, des avancements en traitement, pour les promotions ainsi que pour le droit d'admission à l'examen de promotion* ». Pour le SEW/OGBL, si l'on veut respecter l'esprit de la loi, le candidat sursitaire en situation de service à temps partiel ne doit pas être défavorisé par rapport aux candidats sursitaires travaillant à plein temps au niveau des conditions d'obtention de la nomination ainsi que des avancements de traitement y attachées. Le SEW/OGBL demande par conséquent que le principe de la proportionnalité des leçons affectées au compte épargne-temps en fonction du degré de la tâche effectuée soit reconsidéré.

Dans le même ordre d'idées, le SEW/OGBL demande à recevoir des clarifications quant au commentaire de l'article 1 qui laisse à penser qu'un congé de maternité, respectivement un congé de maladie serait assimilé à une période de non-activité. Le SEW/OGBL conteste cette interprétation, les lois en vigueur ne spécifiant aucunement que les congés en question soient à considérer automatiquement comme périodes de non-activité.

Une autre question qui ne trouve pas de réponse claire dans les textes proposés concerne le classement des candidats sursitaires après leur nomination comme professeur, et ceci notamment lors d'une demande de mutation. Pour le SEW/OGBL, la date du 1^e octobre 2015 devra être prise en compte, et pour la détermination du rang de classement lors d'une mutation, et pour toute autre demande qui dépend de la date de nomination à la fonction de professeur.

Finalement, et en dehors du texte de l'avant-projet de loi en tant que tel, le SEW/OGBL demande à recevoir des précisions quant à l'obtention de la prime en faveur des fonctionnaires E7 que ces derniers reçoivent 15 années après leur nomination. La loi en vigueur ne spécifiant aucunement un titre particulier pour bénéficier de cette prime, le SEW/OGBL considère donc que cette prime est due à partir de la date de nomination en tant que professeur-candidat.

Dans l'attente de vous lire, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre parfaite considération.



Jules Barthel
Vice-président du SEW/OGBL

En date du 15 juin 2020, le SEW/OGBL attend toujours une réponse à sa lettre du 25 février 2020.

